N°368
Entrée le 22.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°368 du 21 février 2024 de Messieurs les députés Sven Clement et Ben Polidori au sujet des aides financières Fit 4**

Zanter 2018 goufen dës « Fit 4 » Moossname geschaf:
- Fit 4 Innovation – Health Tech Market
- Fit 4 Sustainability
- Fit 4 Resilience

De Programm Fit 4 Resilience gouf spezifesch geschaf fir d'Betriber an der Kris, déi duerch d'Covid-Pandemie ausgeléist gouf, ze begleeden. d'Demande konnte just an de Joren 2020 an 2021 agereecht ginn.

Zanter 2022 gëtt et de Programm « SME Packages », dësen ersetzt verschidde fréier Fit 4 Programmer integral oder deelweis, a bitt eng méi komplett Offer. D'SME Packages riichten sech u PME, déi den aktuellen Erausfuerderunge wëlle gerecht ginn a mat dësem Programm begleet ginn zum Beispill a punkto:
- Energietransitioun (SME Package – Sustainabillity)
- Digital Transformatioun (SME Package – Digital)
- Relatioun mat de Clientë (SME Package – Service, fréier Fit 4 Service).

Wëll all eenzel Bäihëllefen am Kader vun den Fit 4 Programmer ënnert dem Montant leien iwwert deem aus Transparenz-Grënn d'Informatiounen zu de Bäihëllefe publizéiert ginn, sinn d'Informatiounen zu de Montanten déi un déi eenzel Betriber gaangen si vertraulech an et gëtt kee Ranking publizéiert.

Iwwert kee vun den Fit 4 Programmer ginn Investissementer an Infrastrukturen oder Maschinne cofinanzéiert.

Hei drënner Informatioune pro Programm:

- **Programm Fit 4 Start**
  Vun 2018 bis 2023 goufen 143 Fit 4 Start Hëllefe fir e Gesamtbetrag vun ongeféier 15.219.915 € accordéiert an e Gesamtbetrag vun 10.740.000 € gouf un 109 Betriber ausbezuelt. Et sinn aktuell nach 4 Demanden am Traitement.

  D'Participanten, déi gewielt gi fir am Fit 4 Start Start-up Acceleratiouns-Programm matzemaachen, ginn all Joer ëffentlech annoncéiert. D'Detailer vun de Start-uppen, déi an de leschten Editioune matgemaach hunn, sinn an de Communiquéë vum Wirtschaftsministère an op der Internetsäit vu Luxinnovation disponibel.

- **Programm Fit 4 Innovation**
  Am Zäitraum 2018 bis 2023 sinn 31 cofinanzéiert Diagnostiken duerchgefouert ginn, fir e gesamten accordéierten Hëllefs-Montant vun 194.875 €. 181.750 € Hëllefe sinn ausbezuelt ginn. Et ass keng Demande méi am Traitement.

- **Programm Fit 4 Innovation – Health Tech Market**
  Dëse Programm huet 2022 als Declinaisoun vum Fit 4 Innovation ugefaang. Et gouf eng Bäihëllef accordéiert an ausbezuelt fir 13.125 €. Et steet keng Demande op.

- **Programm Fit 4 Sustainability**
  Dëse Programm huet 2022 ugefaang, zanter hier sinn 23 Hëllefen accordéiert gi fir e Gesamtbudget vun 394.825 €. Et si bis elo 90.519 € ausbezuelt ginn, 2 Demandë ginn aktuell nach analyséiert.

- **Programm Fit 4 Resilience**
  Fir dëse Programm krute 26 Betriber Bäihëllefen accordéiert fir e Gesamtmontant vun 358.800 €. All dës Dossiere sinn oofgeschloss.

- **Fit 4 Digital**
  Dëse Programm ënnerstëtzt PME bei enger genauer Analyse fir déi pertinentst a passend IT-Outilen ze fanne mat deenen se kenne méi effikass an effizient schaffe. En Deel vun de Fit 4 Digital Mesüre si mëttlerweil vum SME-Package – Digital iwwerholl ginn.

| Joer | Demanden | Accordéiert Montante vun Hëllef |
|---|---|---|
| 2018 | 67 | 335.000 € |
| 2019 | 117 | 585.000 € |
| 2020 | 91 | 455.000 € |
| 2021 | 115 | 575.000 € |
| 2022 | 43 | 215.000 € |
| 2023 | 23 | 115.000 € |

*Quell : Rapports d'Activités vum Wirtschaftsministère*

Luxembourg, le 22/03/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles